

LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



UNSERE	VERMISSTEN
M. BROSIUS 12.3.1945	M. PEPPER 23.7.1971
P. DIDIER 05.6.1972	J. REDING 2.2.1972
CH. GENGLER 7.8.1971	A. RIES 24.12.25
J. HENSEL 6.10.1974	E. ROSEN 26.1.1973
J.-P. KREMER 24.8.1973	R. STEICHEN 24.9.1970
V. KESSELER 16.0.1979	F. THILL 22.11.1971
A. NILLES 27.11.1975	

H 1 VNEF

No 2/1996

Mars/Avril

36e année

Monument aux Morts
Koerich

Fédération: FNEF
3A, rue de la Déportation
Luxembourg



NATIONALKONGRESS

von der Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme

Samschdeg, den 20. Abrëll 1996

zu Käerch am Festsall / Museksall, organisiert von der E.d.F. Sektioon Käerch.

Programm:

- 14,30 Auer: Rassemblement beim Festsall. De Büro wou d'Delegéierte sech umelle sollen, as an der Entrée vum Gebel.
- 14,35 Auer: Erinnerung an den Invitéén.
- 14,40 Auer: Erënnerungs a Gedenkfeier beim «Monument aux Morts» virun der Kiirch. Delegation vum Zentralcomité a vun der Käercher Sektioon lée Blumen néier.
- D'Bedéigung vun den Delegéierten as fakultatív. D'Fuendelen brauchen net présent ze sin.
- 15,00 Auer: Ufank vum Kongress.
 - De President vum Kongressbüro mecht de Kongress op.
 - Begréissung durch de President vun der Käercher Sektioon
 - Begréissungssprooch vum Nationalpresident.
 - Rapport iwer d'Aktivitéit vum Joer 1995.
 - Rapport a Bilan vun der Kees.
 - Rapport vun de Keeserevisoren a bestëmme vun de Revisoren fir d'Jöer 1996.
 - Complétière vum Zentralcomité.
 - Bestëmme vun der Uertschaft, wou am Jöer 1997 de Kongress organisiert gët.
 - Referat vum Nationalpresident iwer aktuell Themen.
 - Diskussioun vun évent. Motiounen.
 - Fräi Aussprooch.
 - Läscht Wuert vum Nationalpresident.
 - Schlusswuert durch de President vum Kongressbüro.
- Ueschléissend : Auszëchnung vu verdéngschttvolle Mémberen mat dem Ruban en Or resp. mam Ruban en Argent.
- ±18,00 Auer: Éierewäin offréiert vun der Gemeng Käerch
- Usprouch vum Käercher Bürgermeeschter Robert Goniva. Schluss.

N.B. Parkingméiglechkéiten sin am Schlasspark.



Virwuert

Käerch, geleén um Agank vum Äischdall a Paart zum Dall vun de siewe Schlässer, huet eng geschichtlech Vergaangenheet wéi kaum eng Uertschaft an eisem Land. Hei hu sech d'Stroosse vun de Kelten a spéider déi vun de Réimer gekräizt. Käerch hat zwou Buurgen: d'Gréiweschlass an d'Fockeschlass. Dat liescht as ganz verschwonnen, nëmmen d'Grund-mauern sin nach rescht bliwwen. Zu allerlescht war et vun de Grofen vun Nassau bewunnt. D'Gréiweschlaß mam Hexentur an der Mëtt, mat dräi Meter décke Maueren war e réimescht Kastell, wou ronderem déi heiteg Waasserbuurg erbaut gouf.



Héich iwwer dem Duerf trount d'Dekanatskiirch: «E Bijou a ländlechem Raum», wéi d'Restoratiounsfirma vu Paderborn se genannt huet. Déi wonnerbar Kiirchmümmelen a Statuen, all aus Holz geschnézt, an och d'Molereien sin eemoleg am Lëtzebuerger Land.

Als Buurgemeeschter, awer speziell als «Enrôlé de Force» freet et mech besonnenesch, 1ech léif Frënn a Leidenskollegen, zum 36. Kongress vun der Associatioun des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme hei zu Käerch ze begréissen. Et bleiwe nach ongeléist an aktuell Problemer ze besprechechen.

Ech wünschden dem Nationalkongress vill Erfolleg zum Wuel vun eis all, speziell awer fir d'Komeroden, déi gesondheetlech oder aner Problemer hun.

Op e frouf Erëngesin den 20. Abrëll 1996 hei zu Käerch

Robert Goniva
Buurgemeeschter

Inhalt:

Nationalkongress
Käerch an d'valée des 7 châteaux
Dekanatskiirch Käerch
Käerch am Kirich a seng Affer
Bomberabsturz in Koerich
Eis Russland-Jungen
Neijosch-Gratulatiounen
Bitte um Auskunft
Les Archives Russes...
Aufruf
In Memoriam

Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlés de Force,
Associatioun sans but lucratif –
Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg,
Boite postale: 2415 L-1024 Luxembourg, C.C.P. 31329-95
– Banque Internationale: 5-217/4546

Rédaction du bulletin bi-mensuel «Les Sacrifiés», 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg.

Service social aux Enrôlés de Force: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxbg. Tél.: 48 32 32.

L'Association des Parents des déportés Militaires Luxembourgeois, Secrétariat: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. Boite postale 2415 L-1024 Luxembourg. **L'Amicale des Anciens de Tambow,** Secrétariat: Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, ccp 24007-48 – **l'Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme,** Secrétariat: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. Boite postale 2115, L-1024 Luxembourg, ccp 31 324-90. – **Association des Survivants des Enrôlés de force, a.s.b.l.,** Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. La correspondance est à adresser à Mme Josée Reef, 11, rue de Moutfort, L- 5355 Oetrange, Tél.: 350 014.

Photocomposition: Informatique S. à r. l. -3324 Bivange. Tél.: 36 92 71 – Impression: Imprimerie Centrale S.A. Luxembourg

Käerch an «d'Vallée des 7 châteaux»

Käerch, geléien am Dall vun de 7 Schlässer, dréit duebel zu deem Erentitel bäi. Zënter dem Mëttelalter waren zu Käerch 2 Schlässer.

D'Fockeschlass stung an där heiteger Wandhafterstrooss. Leider as et verschwonnen. D'Plaz, wou et stong, gétt haut nach de «Fockegaart», genannt. D'Millen, déi zum Schllass gehéiert huet, steet nach an der Äisch, do wou den Dall am engsten as, an dréit d'Bezeichnung Baschtgesmillen. De läschte Möller: Baschtges Téid, huet dés Millen nom Krich nach an etlech Joer bedriwwen. Den heitge Propriétaire huet duerch eng ruesséiert Restauratioun déi fréier Millen an e schéine Landsëtz transforméiert. D'Grevenschlass (Grafenschloss) steet nach deelweis protzeg am Duerf an as niewt der Kiirch d'Wahrzeeche vu Käerch. Am Ament lafen Initiativen, d'Buerg virum totale Verfall ze retten an déi reschtlech Ruinen ze konservéieren.

Och zu deem Schllass huet eng Mille gehéiert. Si gouf awer an den zwanzeger Joeren ofgerappt. Och si loug direkt un der Äisch, knapp 300 Meter flossofwäerts vun der Fockemillen.

Op dëser Plaz stin haut d'Installatiounen vum Waasserwierk, bekannt ënner dem Numm S.E.S. oder «Syndicat des Eaux du Sud», Zënter 1912 as dëst Wierk a Betrieb a versuergt e groussen Deel vum Süde vun eisem Land mat Drénkwaasser.

Et sollt een v'läicht och nach opmierksam maachen op déi fréier «Peiffeschmillen» oder «Seimillen», déi op halwem Wee vu Käerch op d'Waasserwierk steet. Si as haut ausser Betrieb a war d'Gebuertshaus vun eise groussen Lëtzebuurger Velosassen Josy a Arsène Miersch. Wie sech Käerch wéilt ukucken, dee soll sech onbedéngt Zäit huelen an den Auto fir 2 Stonnen op de Parking stellen.

J.P.B.

Dekanatskiirch St. Rémi Käerch

Egal vu wat fir enger Säit een an d'Uertschaft Käerch erakënn, gréist scho vu Wäitem d'Silhouette vun der imposanter Barockkiirch, déi warscheinlech eng vun de schéinste Kiirchen aus dem Land as. Si gétt dominéiert vun engem Zwiebeltur, dien an eiser Géigend eegenarteg wierkt.

Laut Dokumentatioun huet den diemolege Paschtouer Jean-Pierre Ningsels, de Käercher Entrepreneur Jean-Pierre Barraquin mat der

Konstruktioun vun enger neier Kiirch chargéiert an dat «selon le plan donné». Leider as den Auteur vum Plang net bekannt. Am Allgemengen gweuen d'Handwierker aus der Emgëgend fir déi verschiddenen Arbechten eruzgen.

Mat der Ufärdigung an der Liwwerung vun den Altäre, et waren der 5, huet de Paschtouer Ningsels den André Doyé vun Dikrech an de Konschtschräimer Frédéric Biver vu Käerch chargéiert gehat. An engem «marché de contrat» sollten déi 2 Handwierker 1000 «Thalers» kréien. De Méchanismus fir den Tabernakel op- an zouzespätern gouf am Joer 1758 zu St. Vith bestallt. Den 8. Juni 1760 konnt dee fir Lëtzebuerg zoustänneg Hëllefbschöf vun Tréier, Jean Nicolas de Honheim, déi 5 Altäre konskréieren. An de folgende Joeren as d'Innendecoratioun weidergeféiert gin an al Quittunge beléien den Akaf vu Faarw, Gold a Penseelen. D'Porikiirch huet déi franséesch Revolutioun ouni greisser Schied iwwerstanen.

Am Joer 1843 hun de «toi-grand-duc Guillaume II» an de «vicaire apostolique Jean Théodore Laurent», Käerch zum Haptuert vun dem neigeschaaften Dekanat Käerch erhuewen.

Periodesch sin ëmmer erëm verschidde Restauratioune virgeholl gin un deene bekannt Lëtzebuurger Artisten bedeelegt waren, wéi de Pierre Antoine Kemp, de Jean-Pierre Hamper, de Sostène Weiss an Alo Bové. Den 31. Juli 1968 gouf dann déi Käercher Kiirch als «monument national» klasséiert. Vun deem Ament un gouf eng gréisser Restauratioun fir bannen a bausse geplangt an och réaliséiert. Den Ofschluss vun dësen Arbechten konnt de 14. Mäerz 1993 a Präsenz vun der Grande-Duchesse Joséphine Charlotte gefeiert gin. Et as wirkleech eng Réussite an eng Visite vun eiser Kiirch sollt kee verfehlen.

(Auszug aus der Broschür: «Les Eglises de la Paroisse de Koerich.»)

Käerch am Krich a seng Affe

Wéi den 10. Mee 1940 d'preisesch Truppen Lëtzebuerg iwwerfall haten, blouf d'Gemeng Käerch mat den Uertschaften Giewel a Goetzen nit verschont. Déi éischt Deeg ware gezechent vun Truppeneuermarsch an Aquartéierung. Ir mir äis bewosst goufen, wat mat äis geschéich, haten déi gräng-gro «Touristen» eis puer Geschäfte eidelkaaft. Egal ob et sech ëm Liewesmittel, Kleeder oder Zigaretten gehandelt huet, alles gung per Feldpost heim ins Reich. War et nun Zoufall oder e faule Cadeau, dien déi preisesch Biidie bei sech haten, déi bei de Baueren hu misse versuergt gin, op alle Fall as d'Maul a Klauenseuch ausgebrach an huet vill Schued hammerloos.

Knapp ee Mount nom Amarsch as zu allem lweil zu Käerch den Typhus ausgebrach. Fir d'Uertschaft gouf eng Quarantaine déklariéiert an d'ganz Géigend huet no primitiven Désinfectiounsmëttelen gestonk. D'Awunner hun d'Duerf net dierfe verloossen an Auswärtger hun et net dierfe besichen. Ausnahme gouwe gemach fir den Dokter a fir medizinesch Versuergung vun der Aptikt.

Eng Fra a sechs Männer am beschten Alter hun dés Krankheet net iwwerléwt.

Déi preisesch Réprésentiounen hun hiren Héichpunkt erreecht mat der Aféirong vun obligatoreschen R.A.D (Reichsarbeitsdienst) den 21. Mee 1941 fir Jongen a Meedercher, méi spéit der «Wehrpflicht» fir d'Jongen, den 30. August 1942.


65 Jonge ware vun deene Mesüre betraff. A Russland sin der 9 vun hinne gefall an 13 bleiwe bis haut verméist. Am Lager Tambow as nach am Joer 1945 1 gestuerwen, an duerch Verrot zu Lyon

as den 12. Januar 1944 och 1 Käercher Jong mat 8 anere Lëtzebuurger vun der Gestapo erschoss gin. D'Bilanz as erschreckend. Vu 65 Jongen hun der 24, also 36,9%, d'Liewe misse loossen. Am R.A.D ware 16 Meedercher, déi awer glécklecherweis all erëm heemkoomen.

D'Schrecke vun der Déportatioun an de Ghetto vun Theresienstadt huet eng Fra vu Käerch wéi duurch e Wonneer iwwerléwt. Am KZ Dachau as ee Mann ëm d'Liewe kom an vun zwee Männer déi zu Hinzert waren, huet een iwwerléwt an deen as nëmmen e puer Deeg no senger Liberatioun un de Folge vun der Mëshandlung versterwen.

Eng Famill mat dräi Persounen huet d'Emislung iwwerléwt a konnt rapatriéiert gin. Weider huet am Joer 1940 e jonke Mënsch vu Käerch an engem Verkéiersaccident mat preiseschen Truppe säi Liewe misse loossen.

D'Gemeng Käerchen huet en héige Blutzoll bezuelt an d'Affe därfe ni vergëss gin.




Nom 10. September 1944. – Endlech waren och déi Käercher Leit libéiert. 5 laanger Joer hat et gedauert, a.z. vu 1940 bis 1944, bis si nees fräi vun Okkupatioun, Kniechtung an Terror waren

Bomberabsturz in Koerich.

Am Sonntag, den 11. April 1943, stürzte bei Tagesanbruch ein englischer Bomber auf dem Rückflug von einem Einsatz über Frankfurt-am-Main im Wald bei Koerich brennend ab. Es handelte sich um eine Stirling mit sieben Mann Besatzung, die von mehreren Flakgeschossen ge-

troffen worden war. Die gesamte Crew bestehend aus fünf Engländern und zwei Kanadiern, im Alter von 21 bis 28 Jahren, fanden den grausigen Tod durch Verbrennen in einem Flammenmeer. Auf dem Friedhof in Hollerich fanden sie ihre letzte Ruhestätte. Seit langem befaßte man sich in



Monument zu Éire vu 5 Englänner an 2 Kanadier, déi den 11. Abrél 1943 mat hirem «Stirling» Bomber zu Käerch erotgefall waren. Si goufen um Kiirfecht zu Hollerech begruewen.

Koerich mit der Idee diesen toten Helden, die ja auch für unsere Freiheit starben, an der Absturzwelle eine würdige Gedenkstätte zu errichten. Gleich nach der erfolgten Gründung einer E.d.F.Sektion in Koerich im Jahre 1989, wurde von dieser Vereinigung dieses Anliegen aufgegriffen und mit der Unterstützung der Gemeindeverwaltung in die Tat umgesetzt. Bereits am 4. Juni 1989 konnte im Anschluß an die 150-Jahrfeier dieses Erinnerungsmal feierlich eingeweiht werden.

In seiner Ansprache betonte der damalige Ministerpräsident Jacques Santer, welcher dieser Feier vorstand, die Wichtigkeit solcher Initiativen. Anwesend waren ebenfalls: der Britische Botschafter Juliet J. d'Auvergne Campbell, Honorarkonsul von Kanada, Bill Bammermann, Wing-Commander K. Ifould seitens der «Royal Air Force», begleitet

von einem Peloton Soldaten der «Air Force». Weiter nahmen an der Einweihungsfeier teil die «Air Force Association Luxembourg Branch», die Gemeindeverwaltung mit Bürgermeister R. Goniwa, eine starke Delegation der «Fédération des victimes du nazisme, enrôlés de force» mit Fahne, Ehrengäste sowie sämtliche Vereine der Gemeinde und ein Großteil der Bevölkerung.

Diese eindrucksvolle Feier wird den Koerichern besonders aber der Schuljugend noch lange in Erinnerung bleiben. Wing-Commander K. Ifould mit seinen Mannen war nämlich zum Anlaß dieser Zeremonie speziell mit einem Doppelrotoren Hub-schrauber aus England angereist. Der Hubschrauber landete auf dem Fußballfeld in Koerich und stand zur Besichtigung frei, ein Angebot, das besonders bei der Jugend hohen Anklang fand.

Fir d'Heemecht, fir Fräiheet an Onofhängegkeet sin si gestuerwen

Et mengt een, et wir eréischt géschter gewiescht, datt mer owens um Kanounenhiwwel an der Stad stoungen, fir deenen 91 Komeroden ze denken, déi hirt Liewen hondsfottesch hu misse loosse am Massaker, deenen SS-Kommando vum 30. op den 31 Januar 1945 (et war op engem Dënschtag op e Mëtwoch gewiescht) am deemolege Prisoeng vu

Et huet deen Owend e raue Wand iwwer de Kanounenhiwwel gebllossen an et war uerech kaal. Zu enger gudder Honnert hu mer während der Gedenkeremonie an der Keelt geziddert, mä och vu Betraffenheet beim Gedanken un all dee grouesse Misär, deenen Preisen am Zweete Weltkrich iwwert eis Land bruecht haten.

Punkt 18.30 Auer huet eise Komerod Jim Bolmer eng kurz Usprooch gehalten, déi mer hei hamendurn erëngin. Zur Astämmung hate virdrun de Johnny Schmidt an Edmond Faber op hiren Trompetten d'Lid «Wat d'Heemecht as, dat froen 'soft...' gespillt.

«Am Num vum Fédérationscomité, hun ech d'Eier iech all häerzlech wëllkomm ze heeschen an ech soen iech Merci fir är Präsenz bei dëser klenger Erinnerungzeremonie. Ech erlabe mer speziell ze begrëssen: Den Här Jos. Scheuer, Vize-President vun der Châmber, deen den Här Jean Spautz vertritt, deen sech entschëllegt huet. Entschëllegt hun sech weider eise Statminister Jean-Claude Juncker, den Ausseminister Jacques Pöos an de Statsekretär Georges Wohlfart. Ech begrëssen da weider de Schäfte vun der Stad Lëtzebuerg, d'Madame Anne Brasseur, den Deputéierten Henri Grethen, de Vertrieder vun der Kiirch, de Prévot a Komerod André Heiderscheid, den Historiker a Frënd André Hohengarten, d'Vetrieder vum C.N.R. d'Hären Eugène Müller a Al. Raths; d'Vetrieder vun de Lëtzebuurger Emgesedelten, de Vertrieder vum Mémorial de la Déportation, Guy Demuyser (President), da weider d'Vetrieder vun den Anciens Combattants, vun de volontaires de guerre en Grande Bretagne; der Resistenzorganisation L.R.L.; der LLMIG, an da last not least d'Familjemembere vun den ermuerene Komeroden an eis Komeroden Enrôlés de Force mat hire Fraërn.

Mir, déi nach lwwerliewend vun der Jeunesse Sacrifiée, déi wéi e Wonner lieweg aus dem Infero heemkumen, mussen zur Kenntnës huelen, datt eis Zuel all Dag méi kléng gëtt. Mir sin déi läscht lieweg Zelen, déi Zeechnés oflee kënnen iwwert eng Zäit, déi eist Land a säi Jonktem déif getraff huet.

Loose mer dofir a Komerodschaft onbedengt déi weing Zäit, déi äis bleiw, notzen, fir ze soen wéi a wat de Krich war, wat Ennerdrückung as a wat d'Zwangsrekrutierung fir eist Land bedeet huet. Bis dee läschte vun äis des Weit verloosst huet, bleiw et fir äis eng helleg Pflicht, d'Undenken un eis gefaalen a gemuerte Komeroden waazehalen an hier Eier ze verdeedegen. Haut den Owend erënnere mir un déi 91 Jungen, déi den 30. Januar 1945, ouni Doubesuerdeel bestialesch zu Sonnenburg ermuerd goufen.

Well mir ganz sécher nët ouni Hëllef bei der Organisation vun esou enger Zérémonie auskom-

men, si mir verschiddene Leit an Institutionen fir hier Hëllef e Merci schëlleg, an zwar der geschriwwener a geschwäterer Press, dem Service vun de Bâtiments publics, de Clairoën Johnny Schmidt an Edmond Faber fir de musikaleschen Encadrement, den éleven aus dem Lycée Michel Rodange, déi spontan bereet waren, den Appell nominal vun den Affer virzehuelen.

Et as haut den Dag vun eise Märtyrer a mir adresséieren äis direkt u si.

Leif gemuerte Komerode vu Sonnenburg!

Haut den Owend op ärem 51. Stienwdag sin eis Gedanke bei iech a mir grëssen iech aus der Lëtzebuurger Heemecht! Mir stin hei op enger historischer Plaz, dem Kanounenhiwwel, virum «Monument Nationale de la Solidarité Luxembourggeoise», dat dir zwar nët kennt, dat awer och ärt an iech deléigert as. Op sänge Mauere steet a Messingsbuchtaawen: «D'HEEMECHT HIREN DOUEGEN». An dem symbolesche Graw an der Chapelle ardente hu mir eng Urn mat blutgedränktem Buedem vun äre Griewer zu Slonsk agemaueert.

Dir sidd de Märtyrerout gestuerwen. An eisen Häerzer bleiw dir a lieweger Erënnung. Dir hat dee ganz sécher nët einfache Schrëtt riskéiert fir iech der Zwangsrekrutierung ze entzëhen deen 3.500 aner Komeroden gewoot haten. Leider sin der 162 dovun der preisescher Lynchjustiz zum Affer gefall. Dir wart gläich zu dacks, an zwar zu 91, déi in der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945 am Prisoeng zu Sonnenburg, zesumme mat Komeroden vun anere befrëimte Nationen, am ganzen 819 Männer, ënner de Kugelen vun engem SS-Kommando ärt jonkt Liewen ausgehaut hut. Fir iech kourm d'Libératoung duerch d'russesch Arméi een Dag ze spéit.

Iwwer ären Dout wësse mir nët vill. Mir kënnen äis nëmme vague viirstellen, wéi schrecklech är läscht Stonnen am Liewe hu misse sin. Mat engem Genëkschoss hat dir ausgeliddet.

Awer doheem, méintelaangt Baangen an der Ongewësheet verbonne mat engem klänge Fonke vun Hoffnung, kourm da schlisslech déi onbegreiflech Nouvelle vum Massaker. Grouss war deemols, wéi haut d'Trauer an d'Häerzeldeen.

Un iech as dem Hitler säin Aussproch: «An der Front kann der Soldat sterben, als Deserteur muß er sterben!» wouer gin. An dat, well dir als Lëtzebuurger nët wollt a senger Arméi dëngen.

Et gehéiert sech och nach en Zitat ze relevéieren aus engem Brëif vum Gauleiter Gustav Simon un de General Fromm, wou et do heescht: «Kein Fahnenflüchter aus Luxemburg darf diesen Krieg überleben!»

Mir verwieren äis dofir ganz véhément dergéint, besonnenesch an dësem Fall, déi infäim Bezeichnungen Déserteur oder Fahnenflüchtiger ze acceptéieren. Dat as eng Beleedigung un äi Address. Dir sidd weder dem Lëtzebuerger Land désertéiert nach wart dir fräiwéilig an der preisescher Wehrmacht. Dir sidd Nazilaifer an als Nazilaifer soll dir an d'Geschicht angeoën. Et wär endlech un der Zäit, datt an däitschen Dokumenter verschidde Begrëffer enger Revisioun ënnerzu géiwen.

De groussen Deel vun der heiteger Populatioun aus der Region Slonsk as eräischt an der Zäit nom Krichseem, do usësség gin. Déi Leit hun déi Evénementer, déi äis esou uerg bedröcken, nët materielwët. Wéi si awer d'Zesummenhäng bis erfassst haten, hun sie tech, léif Komeroden, opgeholl, an iech an hierem Buedem begreuwen. An dëse Buedem as haut Lëtzebuerger Buedem. Ech erlabe nëmmen ee kléngt Beispill ze zittéieren. Mir hun am Ament e guttopgemaachte Prospekt ënner Hänn, - e Fallblatt -, mat deem déi polnesch Autoritéiten Publizitéit fir hier, Geméng Slonsk maachen. An dësem Prospekt as e wonnerechéint Bild vun der Éirepuert op ärem Kirrrecht, wou mir déi grouss Satisfactioun hun, fir d'Realisatioun responsabel ze zeichnen. En Text an däitscher, englescher a polnescher Sprooch liwwert dem Visiteur Opklärung iwwer dat Verbräiche vum 30. Januar 1945. Den Text ënner dem Bild vun der Puert as op däitsch dee folgenden: «Fragment eines Friedhofstores, das von den Luxemburgern gestiftet wurde.»

Ech profitéieren dofir vun der Gelééhheet, fir nach emol am Numm vun eiser Organisatioun alle Leit an Institutiounen merci ze soën fir hier moralesch a finanziell Ennerstëtzung. Si ware groussarteg!

«Eis Rußland-Jongen»

So bezeichnen unsere Landsleute nach dem 10. September 1944, Tag der Befreiung unseres Landes vom Nazijoch durch amerikanische Truppen, ihre "Jongen", die zu Tausenden in die weiten Regionen Ost-Europas vom Nazi-Okkupanten verschleppt worden waren. Wer sich die Mühe gibt all das, was nach jenem denkwürdigen Tag gerade über die «Rußland-Jongen» geschrieben und festgehalten wurde, der wird heute, 50 Jahre später, aufs höchste bestürzt und empört sein, daran erinnert zu werden, oder zu erfahren, wie ungeheuerlich man damals mit denen umging, die in der gewesenen Sowjetunion in

Ärt Schicksal, léif Komeroden, an nach méi esou ärt Beispill sollen hëllefén dobaussen d'Leit ze sensibiliséieren an opzeréieren, dach wuechsam ze bleiwen. Eng eemol verluere Frälheet zröckzegewannen as vill méi schwéier, wéi déi ze versuergen an ze verdedegen, déi een huet!»

No dëse markante Wieder vum Jim Boimer, d'Nationalpräsident Jos. Weirich an d'Vizepräsidenten Gaston Junck an d'Madame Joséef Reef zum Undenken un d'Affer Blummen vum der éiweger Flaam néiergeluegt. Iwwer dem hun d'Häre Johnny Schmidt an Edmond Faber d'Sonnerfe an Morts gespillt.

Gefollegt gouf dëst vun dem namentleichen Oupriff vun deenen 91 Nimm vun de Märtyrer vu Sonnenburg. Et war dat deen Deel vun der Gedenkeremonie, deen am ergräifendste war. D'Schuddere sin engem de Bockel erofgelaaf, wéi déi jonk Stämmen vun den éléven aus dem Lycée Michel Rodange d'Nimm, den Alter an de Munnecher vun den Affer an d'Nuecht geruff hun. Mir huet enger engem as eng heemleech Tréin iwwer d'Baake gelaaf.

Sichtleech ergraff huet den Dourmproppst André Heiderscheid e Gebied recitéiert fir datt eiser Härgott den Affer vu Sonnenburg éiweg Freed an enger besserer Welt sollt gin. An e sot: Härgott géiff äis Stäerkt genuch, fir ze dängen an ze respekéieren, an dat eist ganzt Liewe laang, déi idéalier, fir déi eis Märtyrer gefoltert a schliesleech geaffert goufen.

Nodeem zwou Strophe vun der Nationalhymn gesonge gi waren, sin all Uwiessend d'uech de Monument National gaangen an hun sech een Ament an der Chapelle ardente, virun der Stéle recueilléiert.

s.n.

Déportés Militaires Luxembourgeois" sich konfrontiert sahen im Bestreben nach Rückführung vieler Tausender von Zwangsrekrutierten. Im Organ der Ligue "ons Jongen" liest man zum Beispiel folgenden Text:

"Mir hu bis elo näischt, awer och glat näischt iwwer d'Beméiung vum onser Regierung héieren. Rechts a lenks gët dëst an dat erzielt, unni datt een d'Méiglecheek hätt, ze ënnerscheede, wat wouer a wat falsch as. Bis zum Dag, wou déi nächst Nummer vun "ons Jongen" erschéingt, wärde mir näischt ënnerloossen fir endlech, jo endlech (et muss ee beschrewe, dass dëst de 7. Februar 1945 ee geschriwwe gouf) eppes Bestëmmtes an Zouverfëssiges ze héieren. Wann et da muss sin, da schloe mir emol en aneren Toun un a mir genéieren ons da nët deem op d'Fëss ze trëppelen, deen onser Opfaassung no nët genuch gemaach huet, fir onse Jongen de Wee aus Russland no der Heemecht opzemaachen, oder fir ons déi gewünschte Gefaangeneleschten ze verschaaften. Mir paaken och déi nët mat Händchen un, déi nët energesch genuch viirgaange sin, fir ons Fuerronggen, déi secher nët iwwerdrive sin, ze erfëllen."

Und es dauerte bis Ende April 1945, wo über den Umweg über Marokko ein Lothringer sich bekennt gab und die ersten 10 Namen von Rußland-Jungen lieferte, die sich in einem Lager bei Tambow befanden. Darnach gab es dann wieder um absolute Windstille, keine auch noch so winzige Nachricht erreichte Luxemburg. Und die Unruhe wuchs bis zum Bersten in der Bevölkerung. Jeder sagte sich, es darf doch nicht wahr sein, daß 8.000 Jungen tot sind.

Wie aus trüber Nacht tauchten dann am 12. Juni 1945 vier Rußland-Jungen in Luxemburg auf. Es waren das Thillen Roger, Junck Gaston, Antony Albert und Weber Albert. Sie waren um 9.30 Uhr jenes Tages in Luxemburg eingetroffen. Sie brachten Nachrichten über 350 "Jongen" im Lager Tambow. Das war die gute Nachricht. Die schlechte war die von 103 "Jongen", die bis dahin in besagtem Lager verstorben waren. Ihre Zahl sollte sich nachträglich noch erhöhen, und zwar bis auf 217 steilen.

Wenn man dann an die Feststellung erinnert wird, welche im Organ der Ligue "ons Jongen" vom 11. August 1945 zu finden ist, und die da heißt: **"5000 onser Jongen nach nët doheem!"**, stehen einem auch heute noch die Haare zu Berg.

Aber so spielten sich die Begebenheiten nun einmal in der Zeit nach der Liberation unseres Landes ab. Auch muß man sagen, daß dies nur ein winzig kleiner Teil davon ist, worüber zu berichten wäre. Nicht nur in Rußland saßen im August 1945 "ons Jongen" fest und warteten auf ihre Rückkehr in die Heimat, sondern auch 386 in England und über 50 in den Vereinigten Staaten von Amerika. Letzterer Leidenszeit steht allerdings in keinem Vergleich mit der, welche die im Osten durchzustehen hatten.

Im Monat August 1945 fuhr ein Transport mit 200 kranken "Jongen" in Rußland ab und erreichte Luxemburg am 8. Oktober 1945. Ein zweiter und letzter großer Transport wurde am 29. September 1945 in Rada, jene Eisenbahnstation nahe dem Lager Nr. 188, besser bekannt bei uns als das Lager Tambow, in Marsch gesetzt. Er erreichte Luxemburg am 5. November 1945 um 3 Uhr nachts.



Am 11. November 1995

Seit dem Bestehen der "Amicale des Anciens de Tambow" (1958) nahmen unsere "Rußland-Jongen" jedes Jahr diesen 5. November zum Anlaß, ihre "Journée" zu feiern verbunden mit ordentlicher Generalsversammlung. Wir bezeichnen diesen Tag auch "Tag der Tambower". So geschah es auch am 11. November 1995. Ohne den 50. Jahrestag ihrer Rückkehr in die Heimat übermäßig zu begehen, trafen die meisten der Überlebenden sich traditionsgemäß zum gemeinschaftlichen Gedenkgottesdienst in der Herz-Jesu-Kirche, Luxemburg/Bahnthor um ihrer sehr vielen toten Leidensgefährten zu gedenken.

Es ist allemal ergreifend, wenn der Tambower Chor, unter der Leitung von Erny Schemel, mit den altbekanntesten lateinischen Gesängen der Messe den Rahmen liefert. Begleitet wurden die Sänger auf der Orgel von Patrick Colombo. Das Streichquartett der Militärmusik spielte stimmungsvolle Einlagen.

Dompropst André Heiderscheid begrüßte den Kammerpräsidenten Jean Spautz, die Vertreter der Zwangsrekrutiertenorganisationen, die Tambower mit ihren Familienangehörigen, die Fahnenträger und in französischer Sprache die Vertreter der "Amicale des Anciens de Tambow du département de la Moselle". Ihre Teilnahme an der Tambower Journée sei ein Zeichen tiefer Freundschaft und Kameradschaft. Weiter begrüßte er die Vertreter der "Amicale des Deportés Civils". Worte des Dankes richtete er an die Mitglieder des Chores der Tambower, die Militärmusiker, die im Chor Platz genommenen Fahnenträger und den Pfarrer der Herz-Jesu-Kirche.

Darnach, in seiner Predigt ging er auf die schreckliche Zeit ein, die die Tambower durchzustehen hatten im grauenvollen Lager Nr. 188, gelegen weit im Herzen Rußlands. Heute wisse man Bescheid über die unrühmlichen Zustände, die dazu führten, daß junge Luxemburger unnötig lange auf ihre Entlassung auf dem Territorium einer damals alliierten Macht warten mußten. 161 sei das Warten zum Verhängnis geworden. Sie starben an Unterernährung und Heimweh einen unmenschlichen Tod und ihre Kameraden mußten sie schweren Herzens im großen Wald um das Tambower Lager zurücklassen.

Aber auch all die, die das große Glück hatten, ihre Heimat und ihre Familienangehörigen wiederzusehen, waren zeitweilig vom Durchstandenen gezeichnet. Tambow und Sonnenburg seien Stütke unserer Identität, Teile des Lebens der geopferten Generation, wie ebenfalls solche unserer Landesgeschichte, so wie Hinzert und Dachau. Weder Tambow noch Sonnenburg dürfen jemals ins Vergessen geraten. Wenn das geschehen sollte, dann wären all die unermesslichen Leiden, die Bäche von Tränen und Blut und die Opfer der vie-

len Toten umsonst gewesen. All das muß einen Sinn haben und zwar: Es darf niemand zu derartigen Verbrechen kommen! Nie mehr dürfen Menschen derart erniedrigt, gedemütigt, gefoltert und gemordet werden, wie es die Deutschen in den Jahren 1940 bis 1945 getan haben.

